


WANDROUS

ONLINE 34 JOËR WANDROUS

N° 321 Fréileng / Päischtmount 2009
avril / mai



Kënnnt 11 mol pro Joër eraus / Abonnement 25,00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: **Claude GOERGEN**

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschéken: Groupe LBB
email: wandrous.lionsbleus@pt.lu / Tel.: 42 22 20 / Fax.: 42 52 79
<http://www.lionsbleus.lu>

Hues du d' **WANDROUS** net gelies?™



Souche Beaver Souche Beaver

Ahoi Beaver,

D'Piratenscheff vun der FNEL ass ennergaangen. Leider ass awer bei dem Ongleck vum Piratenscheff den wertvollen Schatz verluer gaangen. Duerfir fuerderen mir elo all Beaver aus der FNEL op fir ze hellefen den Schatz eremzefannen. Mir brauchen vill däer Beaver, well d'ass e grousst Mier.



D'Viraussetzungen fir kennen un der Schatzsich deel ze huelen sin Folgend:

Rendez-Vous: Sonndes den 26. Abrell 2009 um 08:30 Auer um Glacis beim Toiletten-Häischen

Retour: Sonndes den 26. Abrell 2009 um 16:30 Auer um Glacis beim Toiletten-Häischen

Präiss: 10 Euro ze iwwerweisen bis den 18. Abrell 2009
op den CCP LU87 1111 2571 8942 0000 vun LES LIONS BLEUS asbl - BEAVER matt
der Mentioun „Beaver Fun Day 2009 + Numm vum Kand.



Souche: Muss du bis den 18. Abrell 2009 dengem Cheff ofgin

Material- Klengen Rucksack matt engem Bidon Waasser, Becher, Gamelle,
Besteck, eppes geint den Reen, Foulard



! OPPGEPASST !

Du muss als Pirat verkleed kommen, vergiess awer net den Foulard

Heimadder erlaaben ech _____

mengem Pirat _____

um Piraten Beaver-Fun-Day vun der FNEL deelzehuelen

Ennerschreft vun den Piraten-Elteren

Buch vum Mount

Kurzbeschreibung

www.amazon.de



Neelie ist eine erfolgreiche Pferdetrainerin und liebt ihren Beruf über alles. Vielleicht weil Pferde niemals lügen - im Unterschied zu Matt, ihrem Ehemann. Als Neelie begreift, dass er sie seit geraumer Zeit schamlos betrügt, gibt sie trotzdem nicht auf. Sie hofft, ihn mit Geduld und bedingungsloser Zuneigung zurückzugewinnen. Deshalb folgt sie Matt auf eine gefährliche Mission nach Afrika, wo beide als Teil eines Expertenteams zur Rettung gefährdeter Elefanten in den Busch aufbrechen. Damit hat Neelie sich nahezu Unmögliches vorgenommen: Sie muss das Vertrauen eines Dickhäters und die Liebe ihres Mannes erobern. Dass der Elefant weitaus leichter anzulocken ist und sich zudem als der verlässlichere Partner entpuppt, stürzt Neelie zunächst ins Unglück, sorgt aber auch für jede Menge turbulente Überraschungen und einen Neuanfang in ihrem Leben. Ein witziger Roman über eine ungewöhnliche Zähmung und die Heilung eines gebrochenen Herzens

Klappentext

Neelie ist eine erfolgreiche Pferdetrainerin und liebt ihren Beruf über alles. Vielleicht weil Pferde niemals lügen - im Unterschied zu Matt, ihrem Ehemann. Als Neelie begreift, dass er sie seit geraumer Zeit schamlos betrügt, gibt sie trotzdem nicht auf. Sie hofft, ihn mit Geduld und bedingungsloser Zuneigung zurückzugewinnen. Deshalb folgt sie Matt auf eine gefährliche Mission nach Afrika, wo beide als Teil eines Expertenteams zur Rettung gefährdeter Elefanten in den Busch aufbrechen. Damit hat Neelie sich nahezu Unmögliches vorgenommen: Sie muss das Vertrauen eines Dickhäters und die Liebe ihres Mannes erobern. Dass der Elefant weitaus leichter anzulocken ist und sich zudem als der verlässlichere Partner entpuppt, stürzt Neelie zunächst ins Unglück, sorgt aber auch für jede Menge turbulente Überraschungen und einen Neuanfang in ihrem Leben. Ein witziger Roman über eine ungewöhnliche Zähmung und die Heilung eines gebrochenen Herzens

Frühstück mit Elephant

Eigentlech wor ech op den Klappentext erafgefaal, well wi ech dén nodréichlech geliest hat, huet en zwar gestëmmt, ech allerdengs hat mer eppes mi liichtes dohannert virgestallt. Ass et elo eng schwéier Lektür? Né secher net. Gelach hun ech och (waat vill bedeit) mé et ass awer mi en zériën Kascht wi erwaard. Eng komplizéiert Beziehungsaffär téscht enger selbstännerer Fra di vun hierem Mann nawwel kräfetg iwwert den Dësch gezu gët, an dén während hien sech entschéllegt weider senger Fra systematesch d'Existenzgrondlag énnert dem Asch zerstéiert. Vill gut gemengten Rotschléi vun Frénn an Famill. En Elephanten-Rettungsaktioun an Afrika nätzen alles näisch vir d'Beziehung ze retten. Dé Moment wou den Mann dann op den Knéier ugerëtscht kënnt, well alles d'Bach erofgang ass, mierkt hien dat den Zuch fort ass. Seng Fra huet an Zwëschenzäit den Mann vum Liewen kennen geléiert an ass endlech glécklech. Waat do schlussendlech Pärd, Honn, Katzen an esouguer echt Elephanten dran ze sichen hun iwwerlossen ech dem Lieser vir daat ze entdecken. D'Judy Reene Singer huet en exzellenten an extrem drechenen Humor dén mech méi wi eng Kéier un d'Laachen bruecht huet. Wat mer allerdengs allegueren an dém Buch kënnen léieren ass d'Wichtegkeet vun enger richteger Zwëschenmenschlecher-Kommunikation ze verstoen, an wi séier et kann d'Bach of goën wann dén én net richteg nolauschtert, an dén aaneren némmen iwwerflächleges verzielt. En Buch wat ech an engem Zock gelies haat, an wat mer vill Fréd berét huet. Kann ech all WANDROUS-Lieser nemmen empfehlen.



Rat bricoleur

WANDROUS an egener WANDROUS-Saach

An Zwëschenzäit hun mir eng Drekkerei an Frankräich fond di zu engem gudden Präis eng ganz anstänneg Arbecht léscht, wéi all WANDROUS-Lieser un der leschter WANDROUS N°320 kann erkennen.

Soulang mir nach keng définitif Léisung hun wéi et mat der WANDROUS soll weidergoen probéieren mir d'Geld, waat vir den Drock vun der WANDROUS gebrauch gët iergendwéi opzedreiwen.

Dofir froën mir Iech op Dir net wellt den

WANDROUS-SPONSOR vum Mount

gin, an eng WANDROUS sponsoren?

Dest kennt Dir machen andéems Dir d'Rechnung vun der Dreckerei vun enger WANDROUS iwwerhuelt, oder en Don an héicht vun engem WANDROUS-DROCK op onsen Konto iwwerweist.

Dest huet den éischten Sponsor schon gemach an ons direkt den Drock
vun den 4 nächsten WANDROUSEN gesponsort.

Natierlech kënnt Dir dat anonyme maachen oder och net.

Vir weider Informatiounen kënnt Dir Iech un den Cherfredakter wenden:

Claude Goergen

Telephone privat: 42 22 20

Telephone bureau: 45 50 55 226

email privat: cgoergen@pt.lu

handy privat: 621 132 308

Rapport FuesParty Beaver & Wöllef den 14.02.2009

Um 14 auer un d'Beaver an d'Wöllef sech beim Home getraff. Se waren all schein verkleed (ausser een). Spiller sinn dann ugaangen an jidferen huet gudd matgemaach. Reise nach Jerusalem, BotzfaenFussball, an vill aaner flott Spiller hun mer gespillet. Et gouf och Kuch an Fueskichelcher an den gudden Viz. Flott Fuesmusik haat d'Paco och matbruert an et ass vill gedantzt gin! Also ech gin d'nächst joer erem mat op dear flotter LionsBleusFuesparty, ween geet mat?

Alizée :&



DVD vum Mount den DVD vum Mount

Mr. Magorium's Wonder Emporium

Kurzbeschreibung www.amazon.de

Treten sie ein in den ungewöhnlichsten, aufregendsten, märchenhaftesten und unglaublichesten Spielwarenladen, den sie jemals gesehen haben. "Mr. Magoriums Wunderladen". Das magische Spielzeuggeschäft gehört dem liebenswert-verrückten Edward Magorium, der mit seinen fantasievollen Ideen seit 114 Jahren Wunder und Magie in die Herzen der Kinder bringt. Jedoch ist jetzt die Zeit für einen Wechsel gekommen und Mr. Magorium will seinen Spielzeuglanden an die junge Molly Mahony übergeben. Doch je näher Mr. Magoriums Abreise rückt, umso mehr verändert sich der Zauberladen. Der einst so bunte und quirlige Ort wird immer grauer und dunkler. Bald liegt es an Molly und dem schüchternen Buchhalter Henry, den Spielzeugläden zu retten und dabei die Magie und den Glauben an sich selbst zu entdecken.

Movieman.de

Es gibt Filme, die bringen einen zurück in die eigene Kindheit - wenn man sie lässt. "Mr. Magoriums Wunderladen" ist genau so ein Film, der wirklich magische Momente bietet, die all jenen, die sich ein kleines Stückchen Kindsein bewahrt haben, ein Lächeln aufs Gesicht zaubert. Der Film ist visuell ansprechend und bunt wie ein Regenbogen. Dustin Hoffman geht auf in seiner Rolle als wunderlicher Spielzeugladenbesitzer, dessen Zeit gekommen ist. Und das übrige Ensemble steht ihm in nichts nach. Das neue Wunderkind Zach Helm, das mit dem Skript für "Schräger als Fiktion" auf der Bildfläche erschien, hat seine große Kreativität auch für diesen Film erweckt und ihn gleich selbst in traumhaft verspielte Bilder gepackt. Fazit: Ein Film für kleine, vor allem aber große Kinder.

E Film vir sech dran ze verleiwen! Wéi ech en vir d'éischt gekukt hun, huet en mech an meng Kannerzäit zereck geworf wi op der Avenue Monterey nach esou en Spillgezäisbuttek wor, mat héijen wäissen hëlzen Regaler mat Vitrinen dran, en alen Holzbuedem, eng ganz laang Théik di hannen am Fong stung an den Verkéfer wor en "uralen" ganz schrecklech dënnen Mann, dén sech vill Zäit geholl huet an d'Kanner esougut wi d'Elteren beroden huet; esou ë bessen am Style wéi den Lassner, just mat tonnen vun Spillgezäi.

En anert Spillgezäisgeschäft dat mech impressionnéiert huet wor den Hamley's an der Regent Street zu London, déi kéier wi mir mat den Lions Bleus do worn, wor et anscheinend dat gréissten Geschäft vun der Welt. Mé dat aus der Kannerzäit ass schons lang vun enger Banque op d'Sait gedréckt tastëschen Film kuken. gin an den Hamley's ass och frësch gemach gin.



An am Film ass den selwechten Effekt ze erliewen wi ech et als Kand erliewt hun, baussen winzeg kleng an bannen on-mosseg grouss. D'Kanner lafen dorëmmer an man dat énzechet wat én do kann maachen: si spiller. An mat hinnen den Patron an d'Gehöllef. Vu waat se liewen gét net esou richteg aus dem Film ervier, well d'Buttikskés rabbelt net oft. Mé et ass en richteg léiwen Film.

Den Dustin Hoffmann bleïht op wat en mi al gét, an spiltt émmer mi iwwerzéjend. Allerdengs braucht Natalie Portman sech net ze schummen, och säin Spill ass iwwerzéjend. Vir di zwéin kiint én soën dat se net spiller mé dat se sinn.

Allerdengs sinn all d'Personnagen gudd erausgesicht. Esouguer léisst dén dréchenen an hallewdouden Comptable sech maträissen an ustéchen vun dém frëschen Wand dén duerch d'Geschäft bléisst. Iwwer d'Geschicht well ech eigentlech net vill schreiwen, déi soll én sech ukukken an op der Zong zergoën lossen. En flotten Familjenfilm dén d'Elteren awer némmen zesummen mat hieren Kanner därfen kuken. Den Elteren ass formell ofzeroden dësen Film alleng ze kuken, well et ass net garantéiert dat sé alles verstinn an et kann emol virkommen dat sé di eng oder aaner Saach net ganz gléwen können.

En Film dén ech némmen jidderéngem kann empfehlen, haapsächlech jidderengem dén wëll en propperen an phanzäit ass schons lang vun enger Banque op d'Sait gedréckt tastëschen Film kuken.

Rat bricoleur

GALA-DINER 2008

D'Organisatören vum 18. Gala verdeelen vun Häerzen den 18. megagroussen

MERCI

dem Hang an senge fläissejen Commis'en aus der Hotelschoul

der Akaaf- an Kachéquipe

der Zervice- an Ofrauméquipe

der Spull- Raum- an Botzéquipe


der Tombolasamicaleséquipe

den Gäscht fir hiirt Vertrauen an hieren Grëff an den Portemonni

den Gäscht vir hir generéis Participatioun un der Tombola

dë Frënn an Bekannten vir hir Don'ën

onser Sponsor fir di grouserteg Ënnerstëtzung



Resultat vum 18. Gala-Diner

Recettes lessen	2 325,00 €
Recettes Dons	150,00 €
Recettes (Bénéfice) Tombola Amicale	855,00 €
Total recettes	3 330,00 €
Total Dépenses	1 534,49 €
Bénéfice net	1 795,51 €



And the Winner are:

- | | |
|----------------------------|----------------|
| 1) Street Children Vietnam | 1.000,00 Euros |
| 2) Aide au Vietnam | 500,00 Euros |
| 2) Indesch Patenkand | 200,00 Euros |
| 3) Fond de calamité | 95,51 Euros |

Angle Vert	Fijutsi-Siemens s.a.	Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch s.a.
Aral Luxembourg s.a.		
BGL		
BREGER FRERES ET FILS SARL		
Cactus s.a.		
Fleurs Kill		
Frisch		
Garage Collé s.a.		
Garage Mischel Sàrl		
Hotel Hilton Luxembourg		
Hotel Pax La Locanda		
Hotel-Restaurant H Campenile		
L'Epicerie s.à.r.l.		
Librairie Alinea		
Mullebutz s.à.r.l.		
Munhowen s.a.-Drinx		
Optique Meyer Luc s.a.r.l.		
P&T Luxembourg		
Presse de Bonnevoie		
Printz		
Sudgaz		
Utopia		
Vikinger Adventures		
Galerie Coopérative des cheminots Gallerie		

merci un ons sponsoren



Fréides, den 20/02/2009

Hallo erstmal und willkommen in Techunana J Ich schreibe euch ein den Rapport von Gestern Abend und heute. An ech fueren elo op Létzebuereg wéider. Fréides hun mer eies um 18.30 am Home getraff. D'lescht Détailler sin geregelt gin. D'PeppoloniLasgane as duerno ukomm an am Schäffchen gemeet. Mir hun se giess an ech mengen KENGEM huet se geschmaach an jo.... Nee, se war immens gud. En gemittlechen Owend hu mer eis gemeet an dun och schnell am Bett

Paté



Samsteg, den 21/02/2009

Um 4.50 Auer si mer de Samsten opgestanen. Déi lescht Saachen sin an den Auto gemaach gin. Um 6 Auer si mer dann och gefuer. Ennerwee hun mer epuer Pausen gemeet. Um 18.30 sin mer op Techunana ulomm. De Mauro an d'Nadine worn schon seit 15.15 Auer do an haaten schon gudd den Wee fréigemeet. Mer missten vill Schméi schuppen. An gudd warm Spagettien hetten mer all verdëngt!! D'Chargen sin gemeed gin, d'Waasser as geféllt gin, Spiull an Holz. Mir worn och all ganz midd an wusch worn mer all am Bett.

(Paté)



Sonndes, den 22/03/2009

Um 8 Auer goufen mir vum Hond an vum Ketty erwesch.... Am Carré kruten mir matgedeelt wat mir haut maachen: den Schlauch an der Baach leen, Holz maachen an Parkplätzen freischeppen. Kaffi gouf gedronk an dan schnell un d'Arbescht. Mir goufen an Gruppen agdeeelt, di eng hun d'Holz geschinidden, di aner hun se gestapelt an di aner hun d'Parkingsplätzen fréei gescheppt. Fir Mëttes gouf et gud létzebueresch KniddelenJ Nom lessen sin d'Chargen gemaach gin an dann gouf nach e bessen geschafft. Nodeems sinn mir op den Séi rutschen ganegen an mir hun nach lauter Schnéiballschlachten gemaachJ Dunn sin mir nees Heem gefuer. Puer Léit sin nach mam Grizzly rodeln gangen an am donkelen ze rodlen as richteg flottJ Fir d'Owesiessen kruten mir Baurenomlette zervéiert. Chargen goufen nach gemach an din sinn déi eng schon am d'Bett gangen an déi aner sinn nach béim Féier bliwen an hun mateneen geschwaat oder gespiltt.

Breeze



Méindeg, den 23/03/2009

Mir sin moies um 7:15 opgestann, hun éist Schigezei ungedoen. Dunn as de Carré gepaff gin, duerno hu mer gefrühstückt. Nom Frühstück sin d'Chargen gemach gin. Um 10:00 sin mer dunn endlech fort komm wéll déi Aal sou getrenntelt hun. Mir sin op Gerlitzten gefuer, wou mer de ganzen Dag op der Piste waren. Just fier ze Mëttel ze iessen si mer rem op de Parking gefuer, wou mer dunn zu Mëttel giess hun. Um 17:15 sin mer dunn an d'Piscine gefuer, wou ma um 187.00 Auer dun do waren. An der Piscine si mr schwamme gangen an an d'Sauna waren. Um 20:00 hum er eis rem fierun der Piscine getraff an sin rem op Techuana gefuer.






techuana 2009

Do ukomm hu mer d'Autoen ausgeraumt an hun zu Owent gies, et gouf Chilli. Duerno sin d'Chagen gemaach gin an hun eis nach e bëssen an der Stuff opgehall. Um 23:00 lunge mer all am Bett.

Eric

Dënsdes, den 24/03/2009 (Katschenberg)

Nodeems de Wecker um 07:30 gebimmelt huet, hun mer ons all aus den Penntuten eraus gezunn. Déi Jonk sin aus der Penntuut gesprongen an déi méi aal Schachtelen sinn éischter eraus gekroch. Jidereen huet sech an sain schmucken Schikostüm gehéit an huet sech Richtung schnukkeleg Stuff oder fiicht Kichen beginn. Punkt 08:00 stunge mer Patrulleweis am Carré. Am Carré huet all Patrull sain Kreesch hallef am Dusel gejaut an dunn huet de Big Staff ons iwwert de Programm vum Daag gebrieft. Nom Carré sin mer all an d'Stuff gaangen fier emol eppes an onse Môze kréien. Haut stungen Schmieren, frëscht Uebst an Müsli mat leckerem Landliebe-Yoghurt um Menu. An dann soll een soen mir géifen net verwinnt gin. Noom Iessen hun d'Patrullen hier Chargen gemaach, déi eng „Schnéi“ hun gespultt an déi aaner „Flack“ hun d'Déscher oofgemaach, d'Waaser geféllt an d'Iesskëscht gepaak. De Big Staff huet während deem den Auto mam Schimaterial färdig gemaach. Wéi dun jidereen startbereet wor, haaten de Maki an de Chouch hier Rou, well mir sin op d'Schipiste gefuer. No engem Trajet vun 45 Miunuten sinn mir um 10:30 um Katschenberg ukomm. All Mensch huet sech Boots oder Schischong ereangeschmass. Et muss een bemierken, dass déi Léit mat de Schischong munsch Problemer haaten. Um 11:00 Auer stung ons Ekip op der Piste. Mir haaten ons an 3 Ekippen opgedeelt, d'Famill, d'Boarder an d'Blader. Mir hun den Néischnéi genoss an et wor och net esou wéll, wann een e Panzschlag gemaach huet, well haut ass een ganz mëll gefall. D'Pisten waren super agréabel ze fueren bis een den Trick mam Déifschnéi eraus fonnt haat. No gudden 2 Stonnen fueren hummer ons all um 13:00 um Parking getraff. Wéi jidereen do war hu mer fir Mëttes giess. Ert goufen Schmieren, Geméis an als Dessert e FluffyCake vun Ettelbrocklyn an e Knoppers. Beim Iessen huet et gud ugefangen mat d'Schnéien en et as och gud kaal ginn. Mee trotz dem Wand, Niwwel an Kält hun mir ons net geschloen ginn an sin erém op d'Pisten gaangen. Mee virdrun hun déi meeschte Pit-Stop an der Luxustoilette gemaach fléissend Waasser, Seef, gehëtz De Fön fir d'Hänn ze drechnen gouf spontan émdisponéiert an eng Hännischen –Werm-Maschinn. Nodeems mer gewiermt waren, si mer erop op de Gipfel gefuer. Wéi mer erop gefuer sinn ass et émmer méi kaal an méi niwweleg ginn. Uewen ukomm waren mer all agemummt an d'Sicht wor zimlech limitiéiert. Mir hun ons Richtung Dall gemaach an dun young et besser, et huet een erem eppes gesinn, mee et huet wéider geschnéit. De Schnéi wor wirklech net agréabel um Gesicht. Jidereen haat roud Baaken, mee nir hun daat an Kaaf geholl, well d'Pisten wirklech flott waren. Um 15:45 hu mer ons Rendez-vous fier e Schocki an der Hütt ginn. An der Hütt haatten mer nierwend dem Schocki, super Musek an top Animation vun enger stracker Madame. Also d'Madame war einfach némmen top: voll wéi eng Kanoun, mat engem Schi an d'Hütt eran an virun der Hütt gudd op d'Gladder faalen, daat wor richteg lusteg!!! No onsem gudde Schocki sinn mer bei ons Autoen gefuer. Ennerwee op Techunana hun





techuana 2009

mer nach e Pit-Stop fir gudd Krapfen gemaach. Zu Techuana huet jidfereen seng Saachen geraumt an dun hun mer all beim Uewen gebruzzelt. Um 19:45 gouf et z'iessen: Putengeschnetzeltes; Spätzle, Zalot an Geméis:Mmh, lecker!!! Duerno huert jidfereen seng Chargen gemaach an dun sin mer lues a lues an ons Schlofsäck gefall, déi eng méi gebrach, wéi déi aaner.

Mouette

Mettwoch, den 25/02/2009

Um 7:30Auer sinn mer all erwáscht ginn an opgestaanen. Mir hun eis ugedoën an hun an engems d'Schwammsaachen gepaack. Dun sinn mer um 8:00Auer an den Carré gaangen an hun eis fonkelnei Kreescher fiirgestallt.

Der Patrull Schnèi hieren Kreesch wor: Schnéi !!! Bis un den Knéi!!! Der Patrull Flack hieren Kreesch wor: I-schoot-the-Kodiak, but i didn't-shoot-the-Kachequipp.

Dono kruut mer den Daagesooflaaf verzielt an sinn dun frühstücke gaangen an ét gouf Kaffi an Thèi. Nodeems mer gudd gefrühstückt haaten, hun mer eis Chargen gemaach an eis Saachen an d' Autoen brèngen gaangen an och Skisaachen.

Alleguer sinn mer an eis Autoen gekommen, an sinn op Bad-Kleinkirchheim gefuer.

Do ukomm hun mer eis an 3-4 Gruppen opgedeelt an sinn lassgefuer. Um 13:00Auer gouf ét ze iessen. Nom Iessen sinn mer nees lassgefuer an hun eis gefreet. Um 16:00Auer hun mer eis op der Mëttelstation op der Hütt getraff, an sinn e gudden Almdudler, Schocki an Bèier drënken gaangen.

Duerno nach dèi läschten Descente fir dësen Daach direkt bei den Auto, d'Matérial agepaack an dann hun mer eis op den Wee gemaach fir an d'Schwemm. Do ukomm, sinn mer entweder direkt erop an d'Sauna gaang oder an d'Schwemm.

Mee well ét eis (also deenen meeschten schon waarm wor) sinn mer direkt an d'Schwemm gaang. Géint 20:15Auer haaten mer missten dobaussen sinn an sinn zerèck an Techuana gefuer. Mir hun eis Chargen gemaach an kruut mer eis Rouladen, Bounen an Gromperen z'iessen. Duerno rëm eis Chargen gemaach an dun sinn mer géint 23:00Auer an d'Bett gaang.



SCHAEFER Raphaël

Donneschdes, den 26/02/2009

Den moien war erëm wèi gewinnt um 8:00Auer Carré. Haut hun mer mat den Kreescher vun den Patrullen ugefaangen.

D'Flack haat nees en ganz neien Kreesch an Schnèi sust eng nei Choreographie.

Duerno kruut den Grizzly dèi schwèier an verantwortungvoll Aufgab erauszesichen wou mer haut gëingen Ski fueren goën. Nom Carré ass et sèier eran un den Kaffisdësch bei den waarmen Uewen gaangen. Wèi jidderengem sain Bauch voll mat Schmieren, Kelogs & Landliebe war, hun mer nach sèier d'Chargen gemaach an den Auto ass gelueden ginn.





Um 20 fir 10 ass ét dun endlech lassgaangen op eng bis dato onbekannten Destination. An der Luxuslimousin wou d'Skimatérial an den Staff dransetzt, ass d'Gerüscht ronderëm gaangen, dass mer haut op den Dreiländereck géingen goën, sust op eng aaner Säit vum Bierg. Wéi ét dun laanescht d'Ausfahrt „Arnoldstein“ gaangen ass, hun sëch déi éisch Zweifel gebild. Spéidstens wéi mer an Italien am éischten Duerf ronderëmgetierkelt sinn, ass dem letzten am Auto och bekannt ginn dat mer op en näit Skigebiet fueren.

An elo ass déi 14km laang Passstrooss mat villen Kéieren lassgaangen. Op emol haaten mer en nervösen Italiener hannert eis deen probéiert huet eis op den engsten Plaazen ze iwwerhueulen. Wéi mer dun endlech uewen um Nassfeldpass ukomm sinn, huet d'Sich no den Parkplazzen ugefaangen.

Schlussendlech hun mer eis dun beim Dépot beim Pistenbulli an Helicopter geparkt. Nom opwiermen an der Sonn hun mer eis dun och schnell géint 11:00Auer op d'Piste gemaach. Um 13:00Auer hun déi eenzel Gruppen sëch pünktlech bei den Autoen getraff fir d'Mëttesstärkung. Dun konnt een wéi praktësch all Daach „Fütterung der Raauptiere“ bewonneren. Als Dessert sinn ét haut nach eng kéier Waafelen vum Pic ginn.

Um 14:00Auer hun mer eis nees op den Wee gemeet, an haaten eis allegueren RV ginn um 16:00Auer beim Villacher-Zelt um Bierg, fir eisen traditionellen Schoki ze drénken.

Sou huet all Grupp seng Pisten gewielt an mir hun beim Villacher-Zelt duerno nach eppes gedronk an déi gigantësch Vue genoss. Lo huet ét geheesch Bierg eroof bis bei den Auto....

Beim Auto ukomm, sinn d'Schung, d'Ski an d'Brieder nees an d'Autoen gepaack ginn, an mir hun eis erëm op den Wee eroof gemeet. Mais sust dat mer Slalom fueren missten, well an Italien d'Léit sëch op der Passhéicht bëssen ganz schlecht geparkt haaten. An dun sinn d'Serpentinnen nees ungaangen.

Zu Villach ukomm, sinn mer nach tanken gefuer an wollten och nach Krapfen sichengoën, mais am Spar haaten se keng méi.

An Techuana ukomm, ass d'Skimatérial nees ausgelueden ginn, duerno ass den Schwammsaack fir muer gepaack, geléiert, gelies an Rapport'en geschriwwen ginn.

Um 20:00Auer wor ét endlech esou wäit an ét ass déi legendär Kéisfondue ginn. Wéi mer färdeg mat iessen waren, hun mer e bëssen aal Lidder gesongen. Spéider am Owend kruut mer nach eng Feiershow am Schnéi vum Nekkel. Duerno soutzen nach bëssen gemiddlech bei eenen bis ét dann och Zäit ginn ass fir an d'Bett.

FAY Paul

Freides, den 27/02/2009

Say Goodbye to the Mountain J Jo den läschten Daach op der Skipist. Mer sinn wéi èmmer um 7:30Auer opgestaanen, an den Carré wor um 8:00Auer. Mir hun giess an duerno d'Chargen gemaach an d'Matérial an d'Autoen gelueden.

Mir sinn haut, wéi den éischten Daach op Gerlitzen gefuer an sinn do gudd gefuer. Mir haaten haut an der Mëttesstonn keen RV bei den Autoen,





mee all Grupp konnt an e Restaurant/Hütt um Bierg eppes klenges oder méi grousses iessen goën an déi Éisterräischesch Leckereien genéissen. Well haut den läschten Daach ass, wor och haut schon um 15:30Auer Schluss, mir hun schnell d'Autoën gepaack, dem Bierg nach EDDI gesoot an sinn an d'Schwemm gefuer.

Hei konnten mer bis 18:45Auer chillen.

Rém an Techuana ukomm ass ét lassgaangen mam paacken.

D'Valisen sinn gepaack ginn, d'Iesskëschten, asw....

Mir hun och nach eng gudd Spaghetti giess an dun ass ét weidergepaack ginn, bis d'Remorque bis uewen voll gelueden wor.

An no engem mega ustrengenden Owend sinn mer all schnell an d'Bett gaang.



VAN ECK Alizée

Samsdes, den 28/02/2009

Um 5:00Auer sinn mer erwäscht ginn an hun direkt den Pijama an den Schloofsaack agepaack. Mir hun eisen Lions Bleus Pullover ugedoen an eis blo Jeans.

Dun sinn mer nach d'Eemeran fällen gaangen an hun schon en Deel vun den Chargen gemaach. D'Kellogs an d'Mëllech sinn op Dëscher verdeelt ginn, well ét sust daat ginn ass. Duerno sinn mer géint 5:30Auer an den Carré gaangen an kruutens alles gesoot. Mer hun dann nach schnell eis Kreescher gemaach an sinn dun iessen gaangen.

Nom Iessen hun mer gespultt, gekiert an naass opgewëscht.

D'Bidoen sinn nach opgefellt ginn, an sou lues an lues ass ét hell ginn an d'Sonn ass baal opgestaanen, dann nach sèier d'Këschten an den Auto gesaat an schon konnten mer fueren. Mir hun den Fändel eroofgeholl, eng Châine des adieux gemaach an dem Mauro, Nékkel an Nadine nach Eddi gesoot, well sie sinn aus Techuana zeréck op Wien gefuer.

An dun wor och Zäit fir eis lasszefueren.


Ënnerwee hun mer kleng Pausen gemaach an natirlech eis traditionel Mëttespaus mat Schmieren dierf nüt feelen. An no der Stärkung konnten mer eis dun Richtung Lëtzebuerg maachen.

Géint 17:10Auer sinn mer zu Lëtzebuerg ukomm an um 17:30 woren mer dann och endlech beim Home ukomm.

Et huet 12 Stonnen gedauert fir van Éisterräisch bis op Lëtzebuerg mat den Pausen, am ganzen 1200km.

Dun sinn mer an den Restaurant gaangen an hun eppes guddes giess.

No dem laangen Daach sèier zeréck an d'Home an ganz schnell an den waarmen Schloofsaack geschlach.



SCHAEFER Raphaël



Philip Glass

www.musicline.de


geboren am 31. Januar 1937 in Baltimore, galt, weit über den Kultkreis ergebener Avantgarde-Anhänger hinaus, als Apologet einer neuen Musik jenseits der strengen Trennung zwischen E(rnst) und U(nterhaltung). Im eigenwilligen kompositorischen Umgang mit Form und Variation ließ er simple Akkordfolgen ausdauernd über pulsierende Rhythmusfiguren laufen, die nahezu unmerklichen Tempo- und Strukturveränderungen unterworfen wurden.

Diese "tönenden Dauerwellen" ("Der Spiegel") spülten als Kammermusik (Music In 12 Parts, 1974), Singspiel (Einstein On The Beach, 1976), Filmsoundtrack (Kooyanisqatsi, 1983; Powaqqatsi, 1988) oder Pop-Songs For Liquid Days (1986) in gnadenloser Länge über die Zuhörer hinweg, die sich einbilden mochten, einer "unvergesslichen, hypnotisierenden" Darbietung von "eigentümlicher Schönheit" ("Billboard") beigewohnt zu haben. Obendrein waren die Libretti der Musikdramen extrem exotisch.

Bei Satyagraha (1980), einer Reflexion über Mahatma Gandhis 21 Jahre in Südafrika, ließ Glass in Sanskrit aus dem indischen Weisheitenbuch "Bhagavad-Gita" singen; für Echnaton (1983) schöpfte er aus den Original-Texten des altägyptischen Totenbuches. Während seiner Studienjahre in Paris bei der Komponistin Nadia Boulanger traf Glass 1965 den Sitar-Virtuosen Ravi Shankar, der ihm offenbarte, "daß es einen Weg gibt, Musik zu schreiben, die mich aus meiner eigenen Geschichte herausführte".

Intensive Bildungsreisen nach Afrika und Südostasien brachten weitere Begegnungen mit Musikkulturen jenseits der europäischen Normen von Ästhetik und Struktur. 1967 gründete er mit Studentenfreunden von der New Yorker Juilliard School of Music das Philip Glass Ensemble, um seine ungewohnten neuen Tongebilde ("Minimal Music") adäquat darbieten zu können. Doch die innovative Manier, mit Klängen umzugehen, stieß zunächst auf so wenig Interesse, daß Glass sich selbst noch nach der Aufführung von Einstein On The Beach an der Metropolitan Opera (1976) ein Zubrot als Klempner, Taxifahrer, Möbelpacker und Tischler verdienen mußte. Allmählich fand sich jedoch eine Glass-Gemeinde, die dem Meister auch seine spätere Abkehr vom asketischen Formenprinzip nachsah. Melodische Verzierungen, dekorative Orchesterpassagen und elegische Schwellklänge in neueren Stücken deutete er als Ausweis seiner folgerichtigen Hinwendung zur "Postmoderne".

Dabei verzettelte er sich in multimedialen Aktivitäten, die auch Rockmusik-Produktionen (Gruppe Polyrock, Talking Heads, Brian Eno, David Bowie) mit einschloß. Sein Orchesterarrangement nach Bowies Heroes (1997) mißriet zur Muzak für Edel-Boutiquen. Die "Faszination der gleißenden Tonkreisel" ("Die Zeit") hatte sich zu einem kreativen Dre-



hen im Kreise verflüchtigt. "Der Spiegel": "Aus dem Taumel ist ein Tort geworden." Glass, der von seiner Schallplattenfirma wie einst Igor Strawinsky und Aaron Copland einen lebenslangen Vertrag angeboten bekam, störte sich nicht an der Kritik: "Einige Komponisten denken immer daran, wie sie sich wohl neben Beethoven und Brahms machen. Ich habe andere Sorgen - wie ich meine Kinder durch die Schuljahre bringe und meine Steuern bezahle."

1999 nahm er gemeinsam mit dem Kronos Quartet mit seinem Soundtrack zu dem Stummfilmklassiker Dracula einen seiner schönsten Soundtracks auf. The Hours (2003) machte sich dagegen erstaunlich blutleer aus.

D'Musek vum Philip Glass lauschteren bedeutet nei ze léieren vir Musek ze lauschteren, Musek ze lauschteren net wi én gewinnt ass, mé mat allen Sénner ze entdecken. Wéi beim Carl Jenkins di mënschlech Stëmm als Instrument benutzt gët, sou benutzt den Philip Glass den Rhythmus als Instrument. Net di énzel Kläng sin wichteg mé dat Ganzt, d'as ze probéieren vir hannert d'Musek ze lauschteren, an daat esoulaang bis dat den ganzen Raum, jo esouguer den Kierper mat Musek gefüllt ass, dat én nüt mi di énzel Instrumenter héiert mé einfach dén stark rhytmëschen Sound. Un sech huet dësen Genre vun Musek eppes hypnotesch un sech, vielleicht esouguer eppes meditatives. D'as natierlech einfach seng Musek als minimalistesch ofzedoen, an et ass natierlech net jidderén beréd sech wierklech unzestrengen vir déi Musek esou ze erliewen (wat och wierklech net einfach ass). Wann dem Philip seng modern Operetten eppes vier Fanatiker ass, an mat Secherhét net ganz villen Läit wärten gefalen, sou ass dat eng ganz aaner Saach mat sengen Filmmuseken. Hei ass seng Musek en integralen Dél vum Film, woubäi d'Musekouni den Film ze lauschteren ass, de Filmouni Musek awer kén Bestand huet. Den extrem brétfächerten Spektrum vun Genren mecht dem Philip Glass seng Musek interessant an attraktiv.

Rat bricoleur



Jack Wolfskin

VAUDE
THE SPIRIT OF MOUNTAIN SPORTS

TROPICARE

CAMELBAK

TEVA

TATONKA
EXPLORATION LIFE

THERMA-REST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL
Shoes For Activities

BOREAL

LOWA

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

Lowe Alpine

HAGLÖFS

hanwag

THE NORTH FACE

Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Fir Mamm a Kand

Ech si mat 21 Joer an aner Ëmstänn komm a guff du mat 22 Joer bestuet. Mä dat mam Bestueder war net ganz fräiwölleg: Wéi mäi Mann an ech sengen Elteren gesot hunn, datt ech e Kand krit, huet et geheesch: bestueden! A dunn ass de Misère ugaangen.

Ech hat déi Zäit, kee richtegen Daach iwwert dem Kapp. Dunn sinn ech bei mäi Mann heem wunne gaangen, also bei seng Famill. Ech hat do och meng Aufgaben: eis Wäsch man, d'Kummer propper halen, etc... Dat hunn ech och gemeet .

Mer hate wëlles ze spueren fir eis eege Wunneng. Ech hat keen Akommes, just mäi Mann huet geschafft. Mir hunn sengen Eltere misse Sue ginn, well mer do gewunnt hunn. Mäin Mann konnt net mat Suen émgoen, awer mir huet e verbueden, op säi Kont ze goen, obwuel ech d'Prokuriatioun hat.

Mäi Bouf hat e puer Méint, du krut mäi Mann décke Sträit mat senger Mamm. Den Dag drop huet säi Papp mech erausgehäit a gesot: de Bouf bleift bei äis! Ech wollt mäi Kand mathuelen, wat jo kloer ass, mä si hu mech net emol bei mäi Bouf gelooss fir Äddi ze soen. Mäi Mann, deen huet sech guer net fir mech agesat. Hien huet guer näischd dozou gesot, deen hat sech verstoppt. Sou, do stoung ech dann, eleng ouni Kand a Mann. Wat ech net wousst: mäi Mann hat menger Giedel ugeruff an deer gesot, si soll mech sichen an direkt bei si heem kommen. Meng Mamm war och do, meng Giedel hat hir Bescheed gesot, datt eppes geschitt wär. Nodeems ech hinnen alles erklärt hat, hunn mer entscheet, d'Police ze ruffen. Déi sot, dat ech kënnt mat hinne mäi Kand siche goen, well d'Schwéierelteren, net d'Recht hätten, mir d'Kand ewech ze huelen.

Ech hunn dunn awer decidéiert, mäi Bouf bei hinnen ze loossen, well ech selwer jo emol net wousst, wouhin ech kéint goen. Ech hunn mech dunn émfrot a krut e Rendez-vous am Fraenhaus zu Diddeleng. An engem Gespréich hunn ech alles gezielt a konnt no puer Deeg dohinner wunne goen. Ech hat also rëm en Daach iwwert dem Kapp. En Zémmer fir mech a mäi Bouf. Besser ewéi näischd. Ech hat erëm eng Adresse a war op der Gemeng ugемellt. An dat Schéinst: ech konnt endlech bei mengem Kand sinn.

Ech war 3 Méint laang do a krut an allem gehollef. Si hu mer gehollef den RMG unzfroen. Ech krut Kleeder, Pampers gratis. Ech hunn dunn all Dag an der Zeitung no enger Wunneng gesicht, bis ech Chance hat, a beim Trëppele goen un enger Dier e Ziedel gesinn hunn mat "Wohnung zu vermieten". Ech hunn all Demarchë gemeet, an dunn hate mir eis eege Wunneng.

Am Ufank war alles ok, bis no 5 Wochen, do ass de Misère lass gaangen. Mäi Mann ass all Dag op den Tour gaangen a just heem komm fir z'iessen, fir ze duschen an ze schlo-fen. Bis ech erausfonnt hunn, dat hie bei engem anere Framënsch war an dunn hunn ech hien dorop ugeschwat. Hien huet ofgestritten, an dunn ass et eskaléiert. Hien ass u mech gaangen, obwuel ech eist Kand um Aarm hat. Dunn hunn ech d'Police geruff ; déi si komm an hu mäi Mann erausgehäit. Mä well dat ganz schwéier ze verschaffe war fir mech an de Bouf, hunn ech nogefrot, wou ech kéint wéinst deem Problem gehollef kréien. Do krut ech gesot ech kéint bei 'Hëllef fir de Poppelche' goen an eng Therapie bei engem Psychiater man. Déi Servicer si gratis.

Ech weess net méi genau, wei laang ech déi mat mengem Kand gemeet hunn. Mäi Bouf hat knapps 2 Joer, mä et huet mir gehollef driwwer ze schwätzen. Duerno wousst ech, wéi ech a wéi enger Situatioun mat mengem Bouf émzegoen hätt. All Sitzung huet 1 bis 1 ½ Stonn gedauert. Ech hu mam Psycholog iwwert meng Problemer geschwat an iwwert déi vu mengem Bouf. Dann huet d'Psychologin dem Bouf nogekuckt wéi e spillt, wéi hie raumt, asw... No e puer Gespréicher hunn se mir ugebueden, datt ech de Bouf 1 mol d'Woch kéint bei si bréngen, wou hien da kéint Zäit mat anere Kanner an engem Grupp verbréngen. Si géifen Ausfluch oder aner Aktivitéite maachen. Ech hu fonnt, dat wäer eng gutt Idee. Do hunn se da gekuckt, ob mäi Bouf sech gutt intégréiert oder Eenzelgänger ass, ob en sech am léifste mat engem bestëmmten oder mat méi Kanner ofgëtt, asw...

Si hu gekuckt, ob hie gutt nolauschtet an ob hie follegt. No e puer Sitzungen hunn ech fonnt, datt mäi Bouf sech geännert hat, an zwar am gudde Sënn. Ech hat nach e Gespréich mat der Psychologin a sot hir dunn, et hätt sech villes gebessert, wat mäi Bouf a mech ueget, an datt mir elo net méi géife kommen. Mee wann eppes ass, kann ech op si zréck kommen. Si waren averstanen a soten ech kéint et esou man. Ech fannen, déi Therapie war eng gutt Iddi, well do hunn ech geléiert, wéi ech mam Kand émgoe soll, wann en eppes huet oder sech un sengem Behuelen eppes geännert huet. Ech si frou, dat gemeet ze hunn. Ech hu mäi Kand besser kenne geléiert an et huet als méi zesumme geschweesst.

Programm Beaver - Programm



Abrëll 2009

04.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
11.	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
18.	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
25.	<i>keng Versammlung</i>	
26.	Beaver-Fun-Day vun der FNEL	

Mee 2009

02.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
09.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
16.	<i>keng Versamlung</i>	Rover weekend fir Cheffen
23. - 26.	Päisichtcamp	
30.	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>

Juni 2009

06.	Gruppensortie	
13.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
20.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
22.	Fackelzuch	
27.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer

Juli 2009

04.	Léiwen Fest
11.	<i>keng Versammlung</i>
12.	POW-WOW
16.	D'SUMMER VAKANZ GEET UN

Programm Meute - Programm



Abrëll 2009

- 04.-06. Abrell Camp
- 11. keng Versammlung
- 18. keng Versammlung
- 25. Sortie

Mai 2009

- 02. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer
- 09. keng Versammlung
- 09. - 10. Sixplo
- 16. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer
- 23. - 26. Mee Camp
- 30. keng Versammlung

Juni 2009

- 06. Gruppen sortie
- 13. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer
- 20. keng Versammlung
- 22. Faakelzuch + grillen an der Groussgaass
- 27. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer

Juli 2009

- 04. Léiwenfest
- 11. keng Versammlung
- 12. POW-WOW

deng Meutecheffen: Paul / Charel / Amy

Programm der Truppen - Programm



ABRËLL 2009

04.	KENG VERSAMMLUNG	VAKANZ
11.	KENG VERSAMMLUNG	VAKANZ
17.-18.	OUSCHTERWEEKEND	
25.-26.	EXPLO	JUST FIR CP & SP'EN
26.	EXPLO	FIR ALL D'SCOUTEN

MAI 2009

02.	PATROUILLENVERSAMMLUNG	14:00 - 16:00 AUER
09.	TRUPPENVERSAMMLUNG	14:00 - 16:00 AUER
16.-17.	KENG VERSAMMLUNG	ROVERWEEKEND
23. - 26.	PENGSCHTCAMP	
30.	KENG VERSAMMLUNG	VAKANZ

JUNI 2009

06.	GRÜPPENSORTE	OP SAARBREKKEN
13.	PATROUILLENVERSAMMLUNG	14:00 - 16:00 AUER
20.	KENG VERSAMMLUNG	
22.	FACKELZUCH	
27.	TRUPPENVERSAMMLUNG	14:00 - 16:00 AUER

JULI 2009

04.	LÉIWEN-FIESTA
11.	NUIT DES BREVÊTS
12.	POW-WOW
18.-27.	MISÄRAQUA

Tamia / Maxi / Gregory / Lex / Sarah

Programm Explorer

den Explorer-Rover - Programm



Abrëll 2009

04.-05.	Ouschterweekend Unitéit	
25.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer

Mai 2009

02.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
09.	Schaffdag am Home	R.V. 08:00 Auer
16. - 17.	Roverweekend	
23. - 26.	Päischtcamp	???

Juni 2009

06.	Gruppensortie op Saarbrécken	
13.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
20.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
22.	Fackelzuch an Grilleen	R.V. 20:45 Käiffer
27.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer

Juli 2009

04.	Léiwenfest
11.	Nuit des bevêts
12.	POW-WOW
17.-27.	Misäraqua

Tameng a Kodiak

WANDROUS News

TECHUANA - Jugendcamp
St. Martin • Faaker See • Kärnten • Austria
H. Hopfgartner, Hammerfeld 25, A-9800 Spittal
Telefon 0 4762 - 37714, Fax 0 4762 - 37719
E-Mail: techuana@carinthia.com

Gruß Gott aus Techuana

Breeze
Kodok
Tomasz
Masc
Sasha
Paulo
Ana
Eric
Mauro
Luka
Nadine
Nedel
Mouette
Keti
Keto
Alizée
Tomia
Chouch
Srizzly

© Ansichtskartenverlag L. (99) 114-115 www.ansichtskarten.at

TECHUANA
Jugendcamp • St.Martin-Rosegg

Impressionen vum GALA 2009



et schengt

et schengt

- 01) dat 99% vun den WANDROUS-Lieser sech en Schäiss drëm krazen dat d'WANDROUS eventuel d'Bach of gét
- 02) dat net all Memeber géiw éns gin mat der super höppeldöppel Alarme-Anlag am Home
- 03) dat dësen GALA endlech en Client di gutt Zéppchen direkt aus dem Dëppchen op den Schouss krut, schued fir di gut Zopp
- 04) dat Gala och ganz gut ouni den Gruppechef ofgelaf wier, allerdengs wor hien eng grouss Hëllef beim Botzen
- 05) dat um Cents mam Bagger ganz fläisseg an onser rézenter Vergangenhet géiw eremgewullt gin
- 06) dat d'Roverloge halt erëm ofegsot gi wier, secher aus Mangel un Interessenten oder wor et wéins dem Gala vun den LBB?
- 07) dat den "Schildknikker" erëm zougeschloen, an d'Parkverbotschëld virum Home erëm op der Sollbruchstell geknickt hätt
- 08) dat verschidden Läit nach èmmer net geschnallt hätten dat én vir den Wanter am Schnéi an Waasser gut Schong géiw brauchen
- 09) dat verschidden Leit an der falscher Rei stungen an duerfir den Dessert (en Monster Kaiserschmarren) als éischt op dem Tablette gehat hätten
- 10) dat d'Amicale gemengt hätt dat dësen Gala hieren leschten Gala gewiescht wier wou se sech em d'Tombola gekëmmert hätten
- 11) dat verschidden Leit aus der Kichen gemengt hätten dat den 20. Gala hieren leschten GALA wier
- 12) dat d'Spulléquipe ganz aus dem Häisch mé an der Spullkichen gewiescht wier, an nüt ze bremsen wor
- 13) dat di Lescht Leit sech Sonndesmurses vir den Gala ugemeld hätten an domadder d'Kichen an Schwieregkéten bruecht hätten
- 14) dat d'Mammuten neiderdengs héichtechnesch Stierluuchten hätten, fir déi ze bedengen én hätt missen op d'UNI goen
- 15) dat verschidden Leit net zefriddan waren well se net perséinlech vum Presi agelueden goufen vir um Gala ze zervéieren
- 16) dat nach èmmer Memberen vergiess hätten hier Memberskaart vir d'Joër 2009 ze bezuelen (oder veraschen se ons??)
- 17) dat gemunkelt géif dat d'Metzleschduechter anscheinend geschwënn géif sain Jo-Wuert gin
- 18) dat verschidden jonk Memberen vill lëiwer géifen Boulette pur wi Boulette on Brout iessen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann just én WANDROUS-Lieser actif gi wier, an dém WANDROUS _Lieser verdanken mer och dës Édition: MERCI
- 02) wéi wann verschidden Aler se zwar ausgeschalt kriiten, awer duerno den richtegen Næppi net géifen fannen fir se scharw ze man
- 03) wéi wann sech dem Pony seng Frëndin aus Mangel un Houf, d'Patten un engem Teller verbrannt hätt
- 04) wéi wann hien d'Botzen awer hätt mussen ennerbréchen fir op Unuerdnung vum Strauss dem Noper seng Kaz ze begruewen
- 05) wéi wann së némme 50cm ènnert dem Buedem op kräfteg an gudd erhalten militäresch Fundamenter gestouss wieren
- 06) wéi wann en Braddelpitti sech dowéinst nawwel ferme schrifftlech an d'Broscht geheit hätt, obschon hien selwer nach guer net dobäi wor
- 07) wéi wann d'Gemeng wi der Blëtz den Daag drop daat liicht verkierztent Schëlt erëm geplantz hätt "AVIS au prochain Schildknikker"
- 08) wéi wann Allstars just eppes wir vir Päiffen an Groussstad-Scouten, oder vir Zaldoten di sech d'Zéiwen erfréieren
- 09) wéi wann dat se awer net drun gehénnert hätt duerno als Suite en Mega-Schnitzel, mat allem drun an drop, ze verdrekken
- 10) wéi wann si es midd wieren well Alljoërs di selwechten sech missten ém d'Tombola këmmeren (Avis aux Amicales-Memberen)
- 11) wéi wann si an 2 Joër willten di 20 Joër al Charge enger mi jonker Équipe iwverginn an den Gala unvertrauen
- 12) wéi wann di nei Spullmaschine hier Feierprouf mat Brillanz bestaan, trotzdem se sech eng Grimmel gelanweilt hätt
- 13) wéi wann dowéinst verschidden pünktlech Leit en vegetarëschen Menu giess hätten, ass och vill mi gesond
- 14) wéi wann gudd Zourieden, fléiwen an Kommandoën ginn och náischt géif hëllefen well së awer nach net "voice-controlled" wieren
- 15) wéi wann d'Straussen vir den 19. GALA eng perséinlech Invitatoun vum President (net de Kéiss) op d'Duerf bruecht kriiten
- 16) wéi wann di selwecht Memberen awer dest Joer nach net vergiess hätten un den Activitéiten vun den Lions Bleus délzechuelen
- 17) wéi wann béiss Zongen géifen behapten dat hat dann sengem Zukünftegen en Kranz Lyoner géif iwwersträifen amplaz engem Reng
- 18) wéi wann dat d'Elteren awer guer net géiw stéieren wann hier Kënnercher dénen aneren géifen d'Bouletten wechfriessen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D'WANDROUS N°320 ass zesummengesatanfortgescheckt gin vun: Lex , Paul, Rat

Un der WANDROUS N°321 hun matgeschafft:

FNEL / www.amazon.de / Rat bricoleur / Wandrous-Redaktioun / Alizée / movieman.de / den Galaorganisatiounscomité / Paté / Breeze / Eric / Mouette / Raphaël / Paul / Alizée / www.musicline.de / www.geo.de / www.spiegel / www.stemmunderstross.com / d'Maîtrisen vun den Beaver-Meute-Troupe-Explorer / d'Techuanaéquipe / Maki / Tortue grogneuse

Programm WANDROUS - Programm

Abrëll '09

Mée '09

Juni '09


Mé 1	Permanence		Fr 1		Mé 1	
Do 2			Sa 2	Beaver/Meute/Patrull//Explorer	Dé 2	
Fr 3			So 3		Mé 3	Permanence
Sa 4	Beaver/Meute Camp Ouschterweekend Explorer		Mé 4		Do 4	Scout-Shop 17:30 - 19:30
So 5	Ouschterweekend Explorer Meute Camp		Dé 5		Fr 5	
Mé 6	Meute Camp		Mé 6	Permanence	Sa 6	Gruppen-Sortie op Saarbrekken
Dé 7			Do 7		So 7	
Mé 8	Permanence		Fr 8		Mé 8	
Do 9			Sa 9	Beaver/Troupe/SIXPLO fir Sixer Schaffdag Home Explorer	Dé 9	
Fr 10			So 10	SIXPLO fir Wöllef	Mé 10	Permanence
Sa 11	keng Versammlung		Mé 11		Do 11	
So 12			Dé 12		Fr 12	
Mé 13			Mé 13	Permanence	Sa 13	Beaver/Meute/Patrull
Dé 14			Do 14	FNEL-Shop 17:30-19:30	So 14	
Mé 15	Permanence		Fr 15		Mé 15	
Do 16			Sa 16	Rover-Weekend Meute	Dé 16	
Fr 17	Ouschterweekend Troupe WANDROUS EINSENDESCHLUSS		So 17	Rover-Weekend	Mé 17	Permanence
Sa 18	Ouschterweekend Troupe		Mé 18		Do 18	Scout-Shop 17:30 - 19:30
So 19			Dé 19		Fr 19	WANDROUS EINSENDESCHLUSS
Mé 20			Mé 20	Permanence	Sa 20	Beaver
Dé 21			Do 21		So 21	
Mé 22	Permanence		Fr 22	WANDROUS EINSENDESCHLUSS	Mé 22	Fackelzuch Grillen
Do 23	FNEL-Shop 17:30-19:30		Sa 23	Päischtcamp	Dé 23	
Fr 24	Wandrousedaktiouneschluss 17:00Auer		So 24	Päischtcamp	Mé 24	Permanence
Sa 25	Sortie/Sortie Meute/Explorer EXPLO CP & SP		Mé 25	Päischtcamp	Do 25	
So 26	Beaver-Fun-Day EXPLO fr Jidderén		Dé 26	Päischtcamp	Fr 26	Wandrousedaktiouneschluss 17:00Auer
Mé 27			Mé 27	Permanence	Sa 27	Beaver/Meute
Dé 28			Do 28		So 28	
Mé 29	Permanence		Fr 29	Wandrousedaktiouneschluss 17:00Auer	Mé 29	
Do 30			Sa 30	keng Versammlung	Dé 30	
			So 31			

Allerlescht WANDROUS-Seit

www.lionsbleus.lu



fnel ♂ ♀ ⚔
scouts & guides



Därw ech vierstellen?
Di nei Scouts-Summermoud 2009.
Bérêt an Scoutshut sin out!!
Elo ass et den Vietnameseschén Hittchen.
Naturfréndlech an voll ze recycléieren.
An am Noutfall kann én en an der Friteuse
maachen.

